

16 Projeten ginn an der 3. Sessioun vun dësem Joer vum Filmfong finanziell ënnerstëtzt

De Comité de sélection huet an dëser Sessioun net manner wéi 27 Projeten analyséiert.

16 Filmprojete kréie finanziell Ënnerstëtzung vum Filmfong. Dat huet de Comité de sélection de Méindeg den Owend matgedeelt.

An der Produktioun goufen **5** Projeten vun lëtzebuenger Réalisateuren ënnerstëtzt :

- De long-métrage animation **THE LION QUEEN** vum Carlo Vogele ;
- De long-métrage animation **THE LAST DINOSAUR** vum Federico Milella ;
- Den documentaire **CAPITALES EUROPE - LA BATAILLE DES SIEGES** vum Donato Rotunno ;
- De court-métrage **FADE TO BLACK** vum Anne Simon an Céline Camara ;
- De court-métrage **LA FORÊT QUI MURMURE** vum Katarzyna Kot.

Am Ganzen ginn 9 Filmer vun lëtzebuenger Réalisateuren ënnerstëtzt dovun : 2 Animationsfilmer, 2 Documtairen, 3 Live-Sérien an 2 Kuerzfilm.

De Comité de sélection kennt all Joers véiermol zesummen, déi nächst Sessioun wäert dann am Juli 2024 statt fannen.

Déi komplett Lëscht mat alle Projeten, déi zeréckbehale goufen, fannt Dir am offiziellen Pressecommuniqué vum Filmfong.